## Evangelium vum 1. Faaschtesonndeg C
## Lk 4, 1-13

## KONTEXT

De Jesus ass elo grad gedeeft ginn (Lk 3, 21-22), a mer fannen hie gläich drop an der Wüüst erëm (Lk 4, 1-2), wou hie vum Däiwel « op d'Prouw » gestallt gëtt (// Mt 4, 1-11 ; cf. Mk 1, 12-13). Beim Mk-Mt-Lk fanne mer dräimol virun dem Jesus sengem ëffentlechen Optrieden 'dem Johannes dem Deefer seng Priedegt – dem Jesus seng Daf – de Jesus gëtt op d'Prouw gestallt', d.h. datt mer hei grouss Chancen hu fir ganz al chrëschtlech Iwwerliwwerung ze liesen. – Ewéi fir Loft ze huelen tëscht deenen zwou Erzielungen, fannen mer dem Jesus seng Genealogie (Lk 3, 23-38), déi hien no senger Bekanntmaachung als dem Herrgott säi Jong (Lk 3, 22) och, iwwert de Jouseph, als Member vun der ganzer Mënschheet (Jouseph – Adam, an net bis bei den Abraham wéi am Mt) opweist. – Vläicht wëllt de Lk eis weisen, datt de Jesus, anescht ewéi den Adam, der Versuchung net ënnerleeën ass, anescht och wéi Israel an der Wüüst (3x gëtt den Dtn zitéiert ; Lk 4, 4.8.12). – Elo wou dem Jesus senger Missioun hire Sënn ëmrass ass, ka säin ëffentlecht Wierken ufänken (Lk 4, 16ff).

## TEXT

**Erfëllt vun hellegem Geescht, ass deJesus vum Jordan zréckkomm, an hien ass vum Geescht ... esou datt hien um Enn hongereg war. (Vv. 1-2) :**

Wéi beim Mt a beim Mk gëtt de Jesus vum Geescht, deen hie bei der Daf kritt huet, gefouert. – D'Wüüst ass an der biblescher Sprooch déi Plaz, wou de Mënsch Gott begéine kann, eng Plaz vu Réngegung. An der Wüüst ass Israel 40 Joer laang (de Jesus 40 Deeg laang) ronderëm gezunn an op de Bond mat Gott virbereed ginn. An de Moses huet 40 Deeg gefaascht éier hien d'Gesetzestafele krut ; tselweschte den Elias, wéi hien ënnerwee war fir de Baalspriister entgéint ze trieden. Am Altertum ass allgeméng ugeholl ginn, datt eppes oder ee 40 Joer bräicht fir räif ze ginn. Am A.T. ginn d'Generatioune mat 40 Joer gerechent.– Den Däiwel, deen säin Optrëtt eréischt no deene 40 Deeg huet **(cf. V. 3)**, kënnt vum griichesche Verbe «diaballo» = « deelen, splécken, trennen, ukloen, verleegnen » ; an den Evangelien ass hien de Feind, deen sech Gott versicht an de Wee ze stellen. En aneren Numm ass « Satan », op hebräesch « Géigner ». – De Jesus gëtt vum Däiwel op d'Prouw gestallt : déi « Versuchungen » begéint de Jesus säi Liewe laang ëmmer erëm ; hei huet de Lk (tselwescht wéi de Mt) se eng Kéier regruppéiert.

**Du sot den Däiwel zu him : « Wanns du dem Herrgott säi Jong bass, ... (V. 3) :**

Hei gëtt de Saz no dem Jesus senger Daf (3, 22) an Zweifel gezunn. Mee, nach um Kräiz bezeit de Jesus am Lk mat senge leschte Wieder, datt hien **de** Jong ass (cf. 23, 46).

**De Jesus huet him geäntwert : « Et steet geschriwwen... » (V. 4):**
De Jesus äntwert deem, deen hien op d'Prouw stelle wollt, déi dräi Kéiere **(Vv.4.8.12)** jeeweils mat engem Zitat aus dem Buch Dtn (8, 3 ; 6, 13.16). Dëst éischt

Zitat ass aus dem Kontext, wou d'Israeliten an der Wüüst d'Manna kritt hunn. Am Laf vun der Zäit huet « Manna » dunn symbolesch allméiglech Hëllef an Ënnerstëtzung vu Gott bedeit, Hëllef an Ënnerstëtzung, déi néideg si fir ze liewen, esou néideg ebe wéi Brout. Tselweschtt niert och « all Wuert, dat aus dem Herrgott sengem Mond kënnt » (cf. Mt 4, 4) dem Mënsch säin Häerz a säi Geescht. – De Jesus refuséiert e Wonner ze maache fir sech ervir ze dinn. - A wéi einfach wier et dach, op déi do Manéier Brout ze zauberen ; wie misst dann nach deelen ?

**Dunn huet den Däiwel hien héich eropgefouert ...an ech ginn se, wiem ech wëll (Vv. 5-6) :**

Den Däiwel bretzt sech engersäits all politesch Muecht ze hunn a proposéiert anerersäits dem Jesus de politesche Messias ze sinn, op dee vill Leit deemools gewoart hunn (« davidesche Messias »). Hie schéngt net ze wëssen, datt seng Zäit begrenzt ass (cf. Lk 10, 18 ; 22, 53) ; de Jesus erwaart sech Muecht just vu sengem Papp (cf. Lk 10, 22 ; 22, 29).

**Wann s du also elo viru mir nidderfälls a mech ubiets, ... (V. 7) :**

« Ubieden » heescht sech komplett ënnerwerfen, mat alle Konsequenzen (cf. Mt 2, 2 ; 8, 2 ; 9, 18 ; Gen 37, 7-10, asw.).

**De Jesus huet him geäntwert... (V. 8) :**

Erëm äntwert de Jesus mat engem Zitat aus dem Buch Dtn (6, 13), dat seng Iwwerzeegung erëmgëtt, de roude Fuedem duerch Säi Liewen erduerch.

**Dunn huet den Däiwel hien op Jerusalem gefouert ...(Vv. 9-10) :**

De Lk huet eng aner Reienfolleg an de Versuchungen a 'Jerusalem' kënnt wahrscheinlech bei him zum Schluss, well him dës Prouw am wichtegste schéngt : et ass jo zu Jerusalem während der Passioun, wou dës Versuchung (= dem Doud aus de Féiss goen, well hien dem Herrgott säi Jong ass) ganz grouss ass. – Den Däiwel versicht sech unzepassen an zitéiert aus dem Ps 91, mee, hien hëlt d'Schrëft wuertwiertlech, de Jesus freet nom Sënn an dacks am Laf vu sengem ëffentleche Wierken gëtt hien der Schrëft deen ursprüngleche Sënn erëm zréck.

**De Jesus huet him geäntwert : ... (V. 12) :**

Fir d'drëtt äntwert de Jesus mat engem Zitat aus dem Buch Dtn (6, 6, 16). Gott op d'Prouw stellen = entweder, kucken ze wëllen, wéi wäit dem Herrgott seng Gedold geet oder anerersäits, Gott zwéngen ze wëllen, eppes ze maachen. Op déi Manéier stellt de Mënsch dem Herrgott seng Léift a seng trei a Fro. Et gëtt dier Beispiller en etlech an der Bibel (cf. z. B. Ex 17, 2-7 ; Num 14, 22 ; Ps 78, 18, ...). Fir de Jesus bedeit dës Prouw : fuerderen, datt Gott agräift fir hien ze schützen. Ma, hie widdersteet dëser Versuchung, a setzt säi Vertrauen a Gott, wuerhin och ëmmer de Wee féiert. – Wéi mär begéint de Jesus Versuchungen, awer anescht wéi mär ass hien net ënnerleeën : de Jesus refuséiert aus senger Eegenschaft als dem Herrgott säi Jong Profit ze schloen, hie refuséiert esou laanscht Honger, laanscht den Doud, laanscht dat ze kommen, wat d'mënschlecht Liewe schwéier mécht fir, am Géigesaz

dozou, politesch Muecht ze kréien.  Dofir steet z. B. am Jesus senger Genealogie näischt iwwert déi véier Kinnéke vu Juda, anescht wéi beim Mt. Déi schlëmmst (als lescht verzielten) Versuchung ass awer déi, laanscht den Doud ze kommen an esou gëtt d'Passioun da beim Lk als lescht Attack vum Däiwel senger Säit duergestallt **( V. 13** ; cf. Lk 22, 3.53). Mee do, wéi schonn hei am Evangelium vum 1. Faaschtesonndeg, léisst de Jesus sech duerch näischt vu Gott trennen. Hie widdersprécht awer och Erwaardungen, déi traditionnell an de Messias gesat goufen (Manna vum Himmel kommen ze loossen, als Kinnék aus Israel nees e grousst Räich ze maachen an d'Réimer eraus ze geheien). Dem Jesus, an dat weist säi ganzt Liewen, geet et eenzeg ëmt eng Relatioun zu Gott, ëmt Verkënnegung vun engem Gott, deen dem Mënsch entgéint kënnt an et gutt mat him méngt (= Evangelium, cf. direkt deen näächsten Text Lk 4, 16ff).

(Fränz Biver-Pettinger)